De Lënster Päiperlék sicht Ënnerstëtzung

Déi aktuell Situatioun, bedéngt duerch d'Mesuren géint de SARS COVID19, stellt och de SEA Päiperlék viru Problemer. Sou hu mir schonns missten d'Plazen an der Kantin zu Jonglënster reduzéieren, wëll mir net genuch Personal hunn, fir all Ausfäll an d'Restriktiounen kënnen opzefänken. Dëst war als kuerzzäiteg Léisung ugeduecht, riskéiert awer elo, wou et méi laang dauert, esou munch Elteren ferm an d'Laberenten ze bréngen. Dofir sëtze mir gären alles drun, fir dëse Service nees kënnen adequat ze garantéieren.

Mir sinn also op der Sich no motivéierte Leit, déi bereet wieren an der Mëttesstonn tëschent 12.00 a 14.00 Auer am SEA Jonglënster auszehëllefen.

Folgend Profil gëtt gesicht:

- pedagogesch Erfarung (am privaten oder professionelle Beräich)
- Groussjähreg sinn
- Erfarung an der Aarbecht mat Kanner
- lëtzebuergesch Sprooch beherrschen
- Flexibilitéit an Oppenheet
- Empathie am Ëmgang mat Kanner

Astellunge sinn ënnert verschiddene Forme méiglech (Benevolat, Studentekontrakt, CDD…)

Bei Interessi kënnt Dir Iech gäre bei der Chargée de direction, der Madamm Clara Wolf, mellen:

Tel. 26782667

clara.wolf@paiperlek.lu

Villmools Merci fir Är Hëllef.

service d'éducation et d'accueil
Lënster Päiperlék

Lënster Päiperlék A.S.B.L.
SEA Jonglënster
20, Rue du Village
L-6140 Junglinster